ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2020

Här President,

mat dësem Bréif hunn ech d'Éier, fir Iech, am Kontext vun där aktueller Corona-Kris, op dee spezifesche Problem vun de Kontakter vun den Deputéierte mat der Press opmierksam ze maachen.

De parlamentaresche Grupp vun der ADR ass sech bewosst, datt d'Chamber, besonnesch och am aktuelle Kontext, vill mécht, fir d'Sécherheet vun den Deputéierten ze schützen a fir domat de korrekte Fonctionnement vun eiser Demokratie hëllefen ze garantéieren. Dofir soe mir der Chamber an allen hire Mataarbechter en häerzleche Merci.

Ee Punkt, deen eis Suerge mécht, bleiwen d'Kontakter mat der Press, besonnesch am Uschloss vun de Kommissiounssëtzungen. D'Journaliste sinn, duerch hir vill Deplacementer an déi munch physesch méi no Kontakter, déi néideg sinn, fir hire Beruff auszeüben, e Risikogrupp, un dee vläicht net ëmmer genuch geduecht gëtt. Et ass an hirem an an eisem Interessi, datt mir hir Aarbecht an der Chamber esou sécher an agreabel wéi méiglech maachen.

Duerfir proposéiert d'ADR, datt déi parlamentaresch Administratioun dem Büro an der Presidentekonferenz soll Propositioune virleeën, fir, engersäits, e kontinuéierleche Kontakt tëschent den Deputéierten an der Press ze erméiglechen an, anerersäits, dobäi d'Sécherheet vun alle Bedeelegten ze respektéieren. Op déi Manéier soll dee wichtegen Dialog tëschent der Press an der Politik beschtméiglechst garantéiert ginn.

De parlamentaresche Grupp vun der ADR géing et och begréissen, wann d'Meenung vun der Press an de Journalisteverbänn kéint vun Ufank un an déi Diskussioun mat afléissen.

Och sollte Léisunge fonnt ginn, déi sech esou wuel op déi aktuell Lokalitéite vun der Chamber um Krautmaart bezéien, wéi och op eventuell alternativ Sitten, wéi, zum Beispill, de Cercle op der Place d'Armes.

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen
Deputéierten